Pressecommuniqué 17.4.2015

Benotzt d'ASTI d'Hëllefsbereetschaft vun aner Organisatiounen fir hir politesch Zwecker?

Mir ënnerstëtzen all déi Organisatiounen vun MINTE, déi deelhuelen un engem Echange fir d'Integratioun vun eisen auslänneschen Matbierger ze förderen. Dat ass eng gutt a néideg Saach.

Mä vill vun deenen Organisatiounen (a scho guer net hir Memberen, déi ni ofstëmmen konnten) wollten sech awer domat net un engem politeschen Wahlkampf fir en Jo zum Auslännerwahlrecht bedeelegen.

Mir stellen fest:

1. d'Caritas ënnerstëtzt MINTE net méi an der Campagne fir de Jo.
2. d'Jugendkonferenz och net méi.
3. MINTE mécht nach ëmmer Reklamm mam Logo vu béiden Organisatiounen.
4. MINTE finanzéiert sech och duerch de finanziellen Bäitrag vun den Memberorganisatiounen.

Wann ASTI an MINTE fir d'Transparenz sinn dann sollen si dës zwou Froen beäntweren:

1. Wéi vill Suen ginn déi verschidden Organisatiounen der Plattform MINTE?
2. Wat passéiert mat de Bäitreeg vun der UGDA, der CARITAS an der Jugendkonferenz, déi si bis elo bezuelt hunn?

Zum Schluss soen mir ganz kloer, dass den Drock net vun eis kënnt mä vun de Memberen selwer, déi eis kontaktéiert hunn well se net wossten, dass hir Associatioun de Jo zum Auslännerwahlrecht géif ënnerstëtzen.

Fir eng fair Debatt,
D'Initiativ *nee2015.lu*
(Associatioun an der Grënnung)
Kontakt: Fred Keup, Mamer, 691 656 728
Mail: kontakt@nee2015.lu